



Här Chris BERNARD

Gemegeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

2026.72787.SECR – E. Referenz

Péiteng, de 24. August 2026

Betreff: Är Froe vum 24. Juli 2026

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Här Jerry Schmit- Tel.: 50 12 51 - 2012)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 21. Juli 2026, deen der Gemegeverwaltung den 24. Juli 2026 per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Am Kader vum Hotel- Projet um Doihl hu mir Piraten folgend Froe.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemegegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Wéi ass den aktuelle Stand vum Hotel- Projet um Doihl? Ass de Projet nach ëmmer an der ursprénglech virgesinner Form an der Planung?*
- 2. Kann de Schäfferot confirméieren, dat de bis elo virgesinne Bedreiwier respektiv Investisseur nach ëmmer un dësem Projet bedeelegt ass? Falls et Ännerunge ginn huet, wéi eng Auswirkungen hunn dës op de Projet?*
- 3. An de leschte Wochen ass an der Ëffentlechkeet ëmmer nees d'Rumeur opgedaucht, datt de geplangte Bedreiwier sech aus dem Projet zeréckgezunn hätt. Kann de Schäfferot dës Informatioun confirméieren oder dementéieren?*
- 4. Den 9. Februar goufen um concernéierten Terrain Baggeraarbechten duerchgefouert, bei deenen d'Grasfläch ofgedroe gouf. Zënterhier schéngen awer keng weider Aarbechte méi gemaach ginn ze sinn, an de Site ass méttlerweil nees zougewuess. Wat war den Zweck vun dësen Aarbechten, a firwat ass de Chantier zënterhier net virugaangen?*
- 5. Stoungen d'Aarbechten den 9. Februar am Zesammenhang mat der Gültegkeet vun der Baugeneemegung oder mat enger anerer administrativer Frist?*



6. *Ass d'Baugeneemegung nach ëmmer gültig, a bis wéini?
Sinn zënter der Ausstellung vum Chantier, Ännerung oder Verlängerung vum der Geneemegung
accordéiert gi?*
7. *Gesäit de Schäfferot aktuell nach ëmmer realistesch Chancen, datt dëse Projet an noer Zukunft
realiséiert gëtt? Falls net, wéi eng Alternativen oder weider Schrëtt ginn envisagéiert?*

*Mat Respekt,
Chris Bernard*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

1. Wéi den Timing vum Projet viru geet ass Privatuzeleeënheet vum Promoteur a fält eleng ënnert d'Kompetenz vum der Firma Tecto Domus. Si ass ären Uspriechpartner fir all Froen zur Exekutioun an zum Finanzement vum Projet. Dem Service Aménagement communal si keng Demande vum Ännerungen zougedroe ginn.
2. De Schäfferot verweist op seng Äntwert ënnert dem Punkt 1.
3. Dem Schäfferot sinn déi Rumeuren net bekannt. De Schäfferot verweist op seng Äntwert ënnert dem Punkt 1.
4. De Schäfferot verweist op seng Äntwert ënnert dem Punkt 1.
5. De Schäfferot verweist op seng Äntwert ënnert dem Punkt 1.
6. Jo bis de Projet fäerdeg ass. Säit dem Ufank vum Chantier sinn dem Service Aménagement communal si keng Demande vum Ännerungen zougedroe ginn.
7. Jo, de Schäfferot ass iwwerzeegt dass de Projet vum Hotel eng Beräicherung fir d' Gemeng Péiteng, seng Bewunner an och Touristen a Visiteuren ass.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär f.f.,

De Buergermeeschter,